# Europameeschterschaft 2023 an Ungarn zu Kaposvár

2023-07-01

Matt grousser Erwaardung ass eis Delegatioun vun 8 Leit, mat den Fëscher Frank Meis, Michael Gil, Serge Jadin, Mike Thinnes, Pit Conrady, an de Steffen Kevin, dee kuerzfristeg agesprongen ass, no der Ofso vum Reserve-Fëscher. Als Betreier ass den Thierry Jaquemin a meng Wéinegkeet de Weekend vum 17.an 18. Richtung Ungarn gefuer.




Een Deel vun der Ekipp war schonns samschdes zu Kaposchvar, sou konnten mir  sonndes op Streck fueren, wou zu eiser Iwwerraschung net alles esou perfekt ausgesinn huet wéi et op munchen Fotoen ausgesinn huet. D’ Secteuren A an B waren bäi gemaach ginn, wou kuerzfristeg mam Bagger de Schlamm an den Schilf eweg geraumt gi waren, an vill Stänn bis zu 3 Meter eran louchen, bei Waasserdéiften vun 90 bis 120 cm um Poul. De Rescht vun den Secteuren  C, D an E waren ok. De See Deseda ass eben 1 Natur See an keng Regattastreck.

Méindes nom Zéien vun de Boxen a matt deenen villen Informatiounen déi mir haten, ass et dann lass gaangen. Séier hu mir missten feststellen, dass et net sou einfach war. Vill kleng Fësch a vill Feeltuschen waren um Programm. D‘ Leit vun der Organi-satioun soten, et ass ze waarm an de Wand kënnt aus der falscher Richtung. An et gëtt all Dag besser mir goufen enges Besseren beléiert, sou wéi bei villen aner Natiounen. Sou ass d’ Woch zimmlech duerchwuess mat vereenzelt passabelen Filochen eriwwer gaangen, wat fir d’ Stëmmung net onbedéngt positiv war.





Gudder Deng si mir dann samschdes ugetrueden, fir dat Bescht aus der Affaire ze maachen. De Kevin huet als Reserve sei Bescht gemaach fir hannert engem Deel vun den Jongen ze coachen, an ech an deenen aneren Secteuren. No 4 Stonnen war et kloer, dass dës Manche net fir eis war, 3 Mann matt enger 2-stelleger Platzéierung vun 14 Leit am Sous-Sekteur dann de Pit mat 8 Punkten, just de Mike mat 2 Punkten, den säin Dag gerett huet, mat 3 Karpen an den leschten 40 Minutten.

Fir den 2. Dag huet de Kevin dem Serge seng Platz iwwerholl, fir de Franck an de Mika ass et gutt gelaf mat jeeweils 5 Punkten, an fir de Mecky (Kevin) éierbar 9 Punkten. Dem Mike seng Dreem fir e gutt Resultat ze maachen sinn schnell verflunn, seng Platz war praktesch dout, an 11 Punkten stoungen op der Lee, an dem de Pit do op 14 Punkten komm ass .

Um Enn koumen mir op déi 17. Platz vun 27 Ekippen wat op kee Fall eis Virstellung war. Do spillen vill Faktoren eng Roll fir et besser ze maachen. Zum Beispill e Staff mat aktiven Fëscher, eisen Championnat an eis Fëscherei zu Lëtzebuerg ass och net förderlich.

Ech soen jidderengem merci fir déi gutt Zesummenaarbecht an och e Merci un eis Sponsoren.
Dat komplett Resultat ass op FIPSed an op kirchberg.neumann.lu ze fannen.

De Coach






PRESTON INNOVATIONS

